# LOUTRES NEWS

Sep, Oct Nummer 1/2018/2019

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311




5 JOER
LOUTRES
MERSCH

fnel
scouts & guides

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°01 2018/19

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Mersch
Tel: 691631616

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:






Fro einfach bei dengen Chefen

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

# Moien

Virun 50 Joer ass de Grupp „Les Loutres“ entstanen. Dësen ronnen Gebuertsdag ass eise roude Fuedem vun dësem Joer.

Aus dësem Grond maache mir Montée och zu Miersch.

Mir maachen Ouschteren vum 6-12 Abrëll e Gruppecamp zu Oochen. Du kanns dech lo schonn online provisoresch umellen a kriss Detailer an eiser zweeter Zeitung.

Den 8 Juni ass eis grouss Gebuertsdagsfeier fir all Frënn vun de Loutres.
Am Summer ass den Jamboree an mir plangen e Seegelcamp fir Rover.
An der Summervakanz ass keen aneren Summercamp.

Dëst ass de Gebuertsdagsbadge deens de am 1. Trimester kriss.

# Cotisatioun 2018-19

Léif Elteren a Memberen



Fir Member an de Loutres ze sinn, dat heescht eis Zeitung “d´Loutres News”, “De Scout” ze kréien an vun der Assurance gedeckt ze sinn muss jiddereen eng Cotisatioun vun **25€** bezuelen.
D ‘Scoutsjoer ass vum 1.9.2018 bis 31.08.2019

Fir eis ganz nei Memberen kennt nach en eemolegen Beitrag vun **18 Euro** derbäi, fir de Foulard an de Knuet, deen se beim Verspriechen kreien.

**25€ (43€ fir nei Memberen)**

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

Les Loutres Mersch
Mentioun : « Cotisatioun 2018/2019»
Numm a Virnumm vum Kand

W.E.G. denkt drun deng Cotisatioun ze bezuelen bis den 15 Oktober 2018.

# Nationaler Gedenktag

Mir hoffen och dech dësen Sonnden ze gesinn. Umellen muss de dech net.

Rendezvous: Sonndes den **07. Oktober 2018**, um 10:00 Auer beim neien Fussballsterrain. (Parking Schlasspesch)

Mathuelen: Tip Top Uniform um Rendezvous, an wann néideg, eppes géint de Reen. Déi Leit déi nach keng Uniform hunn sollen sech fir dësen Dag einfach blo undoen.

Fir ween : Fir all eis Memberen vun jéngsten Beaver bis den eelsten Rover oder Comitésmember

Zeréck: De selwechten Dag, géint 11:45 Auer bei der Mierscher Gemeng.

# LOUTRES-OPEN-R

## Rentrée 2018

**Samstes, den 22 September**

Wann Schoul ugeet ass och Zäit fir rëm op de Scoutsbierg kucken ze kommen. Mir fänken un den 22 September mat neier Energie.
RDV bei eisem Home um Haardterwee zu Miersch

Hues du nach e Kolleg deem ‘s de weisen wëlls wat Scouten sinn, da bréng deen och roueg mat fir schnupperen ze kommen.

14:00 : RDV fir all Beaver, Wëllefcher, Scouten an Explorer

16:30: Schluss beim Home

Hut der Froen oder wëllt eis kennen léieren da kommt bis laanscht.

Dot iech dem Wieder ugepasst un, well mir sinn dobaussen.





Wann eppes net kloer ass, kennt Dir Iech gäer bei eis mellen.

Lenks Patt - D’Cheffen

# Programm September / Oktober

Hei emol eng Iwwersiicht vun all den Aktivitéiten fir all Branchen.

| Datum | Aktiviteit | Beaver | Wëllef | Scouten | Explorer |
|---|---|---|---|---|---|
| **22. Sep** | **Open-R** | X | X | X | X |
| **29. Sep** | **Verspriechen** | X | | | |
| **29. Sep** | **Versammlung** | | X | X | X |
| **6. Okt** | **Keng Versammlung** | X | X | X | X |
| **7. Okt** | **Gedenkdag** | X | X | X | X |
| **13.-14. Okt** | **Montee** | | X | X | X |
| **13. Okt** | **Versammlung** | X | | | |
| **20. Okt** | **Versammlung** | X | X | X | X |
| **27. Okt – 4 Nov** | **Vakanz** | | | | |
| | | | | | |

Eis Versammlungen sinn Samstes Mëttes an oder rondrëm eisen Home um Haardterwee zu Miersch. Wann ‘s de net kommen kann wënschen mir eis eng Ofmellung. Do dech dem Wieder ugepasst un, Kleeder fis dobaussen déi och däerfen knaschteg ginn.

<u>Beaver, Wëllef, Scouten vun:14:00 bis 16:00 Auer</u>

<u>Explorer vun 16:00 bis 18:00 Auer</u>

Fir all extra Aktivitéiten fënns du ëmmer all Infoen dozou an eiser Loutres News an op eiser Webpage www.scouts-loutres.lu

An eiser zweeter Ausgab ass dann och rëm de Programm pro Branche fir ganzt Trimester ze fannen.

Lenks Patt
DENG CHEFFEN

# Beaver

# Sortie Verspriechen

Salut Beaver!

No engem wierklechen laangem an hoffentlech schéinem Summer geet eis néit Scoutsjoër hoffentlech mat voller Energie un! Wei all Joërs kréie mer dowéinst och nei Beaver an dofir maache mir all zesummen d 'Verspriechen mat hinnen, dass mir eis all kennen léieren an si e richtege Beaver ginn!




**Wou?** Home Les Loutres Mersch

**Wéini?** Den 29.09 geet et um 10 Auer lass an um 15.00 ass dann jiddereen en Deel vun der Kolonie

**Matbréngen?** Dir braucht dem Wierder u gepasstent Gezei, Biergschong, ganz gutt Laun, d 'Verspriechen ze wëssen a 5 Euro matbréngen

**Unmellen?** Bis den 29. September iwwert den Site: www.scouts-loutres.lu oder beim: Malak

**Verspriechen**

'Ech well e gudde Beaver ginn, deelen ëmmer fläisseg sinn'

Wann iergendwellech Froën sinn dann zéckt net laang a mellt ierch bei äre Chefen :)

Barry: 621433486 Malak: 621157585

# Montée 2018

Gudde Moien Wëllefchen, Scout / Guide an Explorer

- Zäit ass komm fir verschidden Beaver, Wëllefcher an Scouten d'Branche ze wiesselen.
- Oder du bass dëst Joer nei am Grupp a mëss däin Verspriechen a kriss däin Foulard.
- Oder wëlls einfach e flotten WE verbréngen an deng Kollegen an deng Branche ophuelen an hinnen weisen wei et do leeft.

**WICHTEG:** Bass du an den Beaver dann ass de WE just fir dech wann 's de d' Montée an d 'Wëllef mëss.



D'Montée ass bei eis zu Miersch am Home am Kader vun 50 Joer Loutres.

Rendezvous: Samstes den 13.10 um 14:00 beim Home

Zreck: Sonndes den 14.10. um 15:00 beim Home

Mathuelen: Rucksack, Schlofsak, (Carry-Mat fir Scouten an Explorer) Gamelle & Besteck & Becher, Schlappen, deck Schung, Pyjama, Kichenduch, Wäsch Saachen, dem Wierder ugepassten Gezei, an natierlech gutt Laun.

Präis: 20 Euro sinn bis den .08.10 op den Kont vun den „Les Loutres Mersch" ze bezuelen mat der Mentioun: „Montée 18 & Numm vum Kand".
CCPL: LU97 1111 0731 7537 0000

Umellen: bis den 08.10.2018 op www.scouts-loutres.lu, oder um Tel.: 691 631616 beim Vic Jacoby.

Ween mécht Montee: All Beaver deen lo 8 Joer aal ass.
All Wëllefchen deen lo 11 Joer aal ass.
All Scout deen lo 15 Joer aal ass.



Dëst sinn Reegelalteren. Si kenne awer un Entwécklung vum Kand ugepasst ginn. Dass och e Wandel bei den Alters Strukturen an Diskussioun an e Wonsch vun eeleren Scouten an Explorer ze goen wat mir respektéieren.

Bas du der onsécher da fro bei dengem Chef no.

# Verspriechen

**Waat as e Verspriechen ?**
Mat engem Verspriechen verflicht e Scout sech géintiwwer engem oder méi aneren eppes ze maachen oder z'ënnerloossen. Et ass also eng Ausso déi de Scout un een oder méi Leit bënnt.
E Scout engagéiert sech domat fräiwëlleg vis à vis vu sech an deenen aneren, vu senge Frënn bei de Scouten, am Grupp, der FNEL, zu Lëtzebuerg, an an der Welt.
E Scout deen d ʻVerspriechen net anhält, gëtt net bestrooft, mee steet domat ganz alleng virun all senge Frënn an och viru sech selwer.

**WËLLEFCHER**




Ech versprieche, mäi Bescht ze man,
fir e gudde Wëllefchen ze ginn
an all Dag engem eng Freed ze man.

**SCOUTEN, EXPLORER A ROVER**

Ech versprieche, mäi Bescht ze dinn,
Fir meng Flichte géintiwwer der Gesellschaft a mir selwer zʻ erfëllen,
Fir no onsen Prinzipien vum Scoutsgesetz ze liewen
a fir mech mat iech zesummen anzesetzen fir eng besser Welt

Lenks Patt
Deng Chefen